ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 27/11/2023

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 14 November 2023

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Thierry EVERAD Patrick EVERARD Carlo KOEPP Patrick KRAEMER Paul MANGEN Louis MEYER Joske VOSMANN Carole WINTERSDORF Pascal WIRTZ	Louis MALHERBE (entschëllegt) Emile SPLICKS (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht & Dagesuerdnung
2. Ergänzung

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht, Dagesuerdnung

De Patrick Everard hat am Optrag vun der Gemeng dës Reunioun organiséiert, an huet zesummen mam Buergermeeschter, als Member, d' Kommissioun's Memberen fir dës éischt Sëtzung häerzlech begréisst. Et waren 9

Memberen präsent an 2 waren entschëllegt. D' Memberen hunn sech an engem "Tour de table" eenzel virgestallt.

De Joske ass aus beruffleche Grënn riicht géint 20h komm, wou grad de Sëtzung de Punkt 4 traitéiert gouf. Hien hat dat am Virfeld, bei der Festleeung vum Sëtzung' s Datum, schonn annoncéiert.

Punkt 2 : ROI (Réglement d'Ordre Interne)

De Patrick goung kuerz op den ROI an, notamment wat Delaien betrëfft, ënner anerem:

- Muss d' Invitatioun spéitstens 5 Deeg virun der Reunioun vum President verschéckt ginn
- Den ODJ (Ordre du jour) spéitstens 2 Deeg virdrun, och vum President
- De Rapport muss spéitstens véierzéng Deeg no de Reunioun vum Sekretär un d' Memberen an un d' Gemengensekretariat verschéckt ginn
- Asw.

Punkt 3 : Wal vum President, Vize-President a Sekretär

Et goufen keng Spontan-Meldungen, an no enger lieweger Diskussioun fir déi eenzel Posten, ass des Besetzung erauskomm:

President:	Patrick Everard
Vize-President:	Thierry Everad
Sekretär:	Carlo Koepp
Sekretär adj.:	Carole Wintersdorf

Punkt 4 : Missioun vun der Commission du Climat et du Développement Durable

D' Missioun muss präzis ëmrass ginn, well wéi de Paul erkläert huet, ginn et elo 2 Kommissiounen, déi vun der Ëmwelt an déi vum Klima a nohalteger Entwécklung, doduerch dat sech den Aufgabenberäich staark entwéckelt huet.

Helperknapp, 27/11/2023

Verschidde Themeberäicher goufen diskutéiert an de Joske, fréieren Klima an Ëmwelt-Schäffen, huet iwwert eenzel Aktivitéiten vun der viregter Kommissioun informéiert.

Kärpunkten waren d' Ëmwelt Charta fir d' Veräiner, d' Promotioun vu Green Event Veranstaltungen, d' Erweiderung an Aktualiséierung vum Gemengen Subsidenkatalog, de Wandpark Helperknapp mat eventuell 4 Wandrieder, Groussbotz, d' Installatioun vun M-Boxen bei de Busarrêten asw.

Nationalen Klima

Eng wichteg Komponent vun der Lëtzebuerger Klima- an Nohaltegkeetspolitik, wéi de Joske präziséiert, ass de nationalen Klimapakt. Séit Mäi 2021 ass eis Gemeng bäigetrueden, an e Klimapakt-Team gouf opgestallt, mat Vertrieder vun der Gemengeverwaltung, Gemengebierger, dem Klimaschäffen an engem Klimaberoder. D' Bild Kopie vun der Websäit www.pacteclimat.lu verdäitlecht déi aktuell Bewäertung vun eiser Gemeng.



D' Indicateuren fir de Fortschrëtt ze moossen sinn aus de follgenden Beräicher:

- Planifikatioun
- Gemengegebaier
- Mobilitéit
- Versuergung, Sanéierung
- Organisatioun
- Kommunikatioun

Fir d' Progressioun z' ermëttelen, mussen reegelméisseg Auditen duerchgeféiert ginn, wou Zertifizéirungs-Kategorie bestëmmt gëtt.

De Staat ënnerstëtzt finanziell d' Mataarbecht am Klimapakt mat engem Subside tëschent 10 an 45€ pro Awunner, ofhängeg vum Zertifikatiounsgrad. Dës Montanten ginn järlech ugepasst, an souguer reduzéiert wa kénge Progressioun virläit. Als Referenz gëllen d' ermëttelt Wäerter vun 2019 an déi fixéiert Objektiver fir 2030.

De Joske ergänzt dat den Audit dësen Hierscht fälleg war, awer net realiséiert gouf. De Paul informéiert dat am Januar/Februar ee Rendez-vous mam Klimaberoder virgesinn ass.

Fir an de Genoss vun enger besserer Zertifizéirungs-Kategorie ze kommen, a fir och méi Subside vum Staat ze kréien, muss d' Gemeng eng ganz Réi vu Moossnamen a verschiddene Beräicher erfëllen. Dozou gehéieren d' Investitiounen an erneierbar Energieträger wéi Solar/PV-Pannoen, Wandrieder, asw.

De Joske sot dat duerfir Photovoltaik Projeten op der neier Schoul an der Sportshal zu Brouch realiséiert goufen. Fir de Projet vun der Schoul huet d' Gemeng den Daach zur Verfügung gestallt an **Regional Energie Kooperativ** "Leader West" huet sech ëm de Finanzement, d' Installatioun an d' Bedreiwen vun der Anlag gekëmmert.

D' Gemengen Subsiden Politik

Nieft dem Staat ënnerstëtzen vill Gemengen hier Bierger mat Subsiden, wann déi an Klima frëndlech an nohalteg Anlagen bei engem Neibau oder bei Sanéierungen investéieren. D' Ënnerscheeder sinn awer grouss, wéi de Louis umierkt, a nennt als Beispill d' Contributioun fir d' Installatioun vun enger PV-Anlag:

- Gemeng Helperknapp max. 500€
- Gemeng Sëll max. 1500€ (*)

De Carlo informéiert dat an der viregter Ëmweltkommissioun dem Gemengerot ee Bäitrag vun 200€/KW$_{peak}$, bis max. 10KW$_{peak}$ installéiert Leeschtung, proposéiert gouf.

(*) De Louis hat 4500€ ugedeit, an der Homepage vu Sëll stinn awer 1500€, no Iwwerpréifung beim redigéieren vum Rapport, am Tableau. Baséiert op den héijen Montant, komm de Virschlag vum Paul, d' installéiert Leeschtung bis 30 KW$_{peak}$ ze consideréieren, wat eestëmmeg akzeptéiert gouf. **An der nächster Sëtzung musse mir dëse Punkt nach eng kéier diskutéieren**.

➔ Informatiounen iwwer d' Subsiden fënnt een an der Gemengen Homepage oder bei www.Klima-agence.lu

Punkt 5 : Divers

An Kontext vun de groussen Wandrieder (Éoliennes) am ëffentlechen Raum huet den Thierry gesot, dat et an Zukunft och kleng Wandrieder fir den privaten Notzer wäerte ginn. An Däitschland wier dat schonn de Fall, an

et wäert och eng kéier a Lëtzebuerg erlaabt ginn. Virdeel ass, dat Wandenergie dacks verfügbar ass bei net vill Sonnenenergie, also komplementar zu den PV-Anlagen funktionéiert.

Fir d' Aspeisung an den ëffentleche Reseau, zesummen mat enger PV-Anlag, mussen d' Smartmeteren wa méiglech esou ausgeluecht sinn, dat nëmmen ee Compteuren an der elektrescher Verdeelung néideg ass.

Nächst Sëtzung

Déi nächsten Termin ass den **13 Dezember um 19h00 am Veräinshaus** zu Téinten

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.